Courrier de l'Éducation nationale

Le mensuel du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

janvier 2017

A01

Dans ce numéro :



## LES ACTUALITÉS DU MENJE

Pour en savoir plus ........ 2

### À la UNE

PISA 2015 ........ 3
Directions régionales ........ 5
Soirées d'information et de discussion ........ 7

### Leseförderung - Schulbibliothek - Medienerziehung

Appel à participation : Journées du livre et du droit d'auteur 2017 ........ 9
Reckbléck: Journées du livre et du droit d'auteur 2016 ........ 12
Coup de coeur ........ 22
Flucht/Asyl/Migration als Themen der Kinder- und Jugendliteratur ........ 23

### Formation continue

Journée de l'orientation des élèves récemment arrivés au pays ........ 26

## LE MONDE DE L'ÉDUCATION

### Manifestations

Gesangsconcours fir Schoulklassen : Loosst de Litty raus! ........ 27
Eltereschoul - Themeléscht fir Elterenowender ........ 31

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# INFORMATIONS UTILES :

Le délai pour la remise des annonces à publier est fixé au 15 de chaque mois précédant la publication du CEN.

Les articles ne doivent pas dépasser 2 pages A4 (Times new roman, 12pts, interlinage 1,5) et sont à adresser sous forme électronique (textes au format word, images au format jpeg 72dpi) à l'adresse suivante : cen@men.lu

Le MENJE se réserve le droit de modifier voire refuser des contributions externes. Il décline toute responsabilité quant au contenu de ces contributions.

Le CEN paraît 11 fois par an.

Les publications du ministère peuvent être consultées sur notre site: www.men.public.lu



## Publications

- Les nouveaux bilans intermédiaires / Déi nei Tëschebilanen / Os novos balanços intermédios
- La nouvelle procédure d'orientation de l'enseignement fondamental vers le lycée / Déi nei Orientéierungsprozedur fir den Iwwergank vun der Grondschoul an de Lycée / O novo procedimento na orientação do ensino fundamental para o liceu

## Pour en savoir plus

- Le Lycée Michel Lucius et son International School
- Prochaines portes ouvertes des lycées
- Premier « Makerfest » : la créativité numérique à la portée de tous

# ÉDITORIAL

Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg

layout: Communication
e-mail: cen@men.lu
tél.: +352 247-85114 / 85116

consultez notre site:
http://www.men.public.lu

# PISA 2015




Le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude Meisch, a présenté les résultats de l'étude PISA 2015, en collaboration avec l'Université du Luxembourg, le 6 décembre 2015.

Réalisée tous les trois ans par l'OCDE en collaboration avec les pays participant à l'étude, l'étude PISA (Programme international pour le suivi des acquis des élèves) évalue les compétences des élèves de 15 ans. Au total, 72 pays y ont participé. Au Luxembourg, 5.300 élèves (nés en 1999) de 44 écoles, à savoir tous les lycées et lycées techniques publics et privés ainsi que les écoles internationales, ont été testés dans le cadre d'une enquête exhaustive.

En sciences, le point fort de l'édition 2015 de l'étude, mais aussi en compréhension de l'écrit, le Grand-Duché se situe 10 points en dessous de la moyenne de l'OCDE. En mathématiques, le pays colle de près à la moyenne de l'OCDE. Ces résultats sont constants depuis 2006.

PISA dresse le constat d'un système éducatif marqué par un écart important des performances entre les élèves issus d'un contexte socio-économique défavorisé, majoritairement issus de l'immigration et une population autochtone principalement issue d'un contexte socio-économique favorisé.

Les résultats des élèves avec ou sans contexte migratoire affichent une différence qui correspond environ à un an et demi de scolarisation. Il est à noter que cette différence a diminué au fil des études. Selon la définition donnée par PISA, un élève présente un contexte migratoire si ses deux parents sont nés à l'étranger, que l'enfant soit né au Luxembourg ou non. Est considéré comme élève sans contexte migratoire l'enfant né au Luxembourg dont un parent au moins y est également né.

En séparant les résultats des élèves avec ou sans contexte migratoire, il ressort même que chacune des deux catégories dépasse la moyenne de l'OCDE dans la catégorie correspondante. En les additionnant, le résultat total glisse par

page suivante

contre sous la moyenne. Cela est dû au taux particulièrement élevé d'élèves avec contexte migratoire au Luxembourg : ils étaient 49% en 2015, contre 30% en 2003.

« Cette étude ne nous apprend rien de nouveau » a lancé le ministre Claude Meisch. PISA 2015 ne donne pas plus d'informations que les études précédentes sur ce qui fonctionne ou non dans le système éducatif. De plus, elle ne prend pas en compte le changement de la population scolaire au fil des ans. À quoi bon comparer les champions de PISA, la Finlande ou le Japon, qui n'affichent respectivement que 4% et 1% d'élèves avec contexte migratoire en 2015, avec le Luxembourg et ses 49% ? Que vaut finalement ce classement international, en l'absence de pays vraiment comparable ?

Le ministre a remis en question la pertinence de la participation du Luxembourg à ce test de l'OCDE. « Il faudrait peut-être trouver d'autres régions ou agglomérations avec des situations proches de la nôtre » a avancé Claude Meisch. Des discussions seront menées avec l'OCDE pour adapter le test et discuter de la périodicité.

Depuis quinze ans, le Luxembourg s'est doté d'infrastructures pour réaliser un excellent monitoring des élèves luxembourgeois, plus flexible, plus rapide et réactif par rapport aux réalités du pays. Les études nationales – Bildungsbericht, épreuves standardisées, travaux du Luxembourg Center for Educational Testing … – permettent d'être plus nuancé dans l'analyse que PISA.

Pour en savoir plus : http://www.men.public.lu/fr/actualites/articles/communiques-conference-presse/2016/12/06-pisa/index.html

www.pisaluxembourg.lu






# Eng Schoul, méi no bei de Leit : quinze directions de région pour une école plus proche des gens

Le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude Meisch, a présenté le 29 novembre 2016 la **restructuration de l'inspection de l'enseignement fondamental. Quinze régions** viennent remplacer les vingt arrondissements d'inspection actuels. Elles seront gérées par des directions fonctionnant en équipe, composées d'un directeur et de deux à quatre adjoints.

Le découpage des nouvelles régions a été réalisé en prenant en compte le nombre d'élèves, le nombre d'enseignants, d'écoles, de communes, les distances entre les écoles, ….

« Nous ne remplaçons pas l'inspecteur par un directeur isolé mais par **des équipes de direction qui travailleront de façon collégiale** » a précisé le ministre. Ces équipes seront mieux à même de répondre aux nombreuses missions qui incombent actuellement aux inspecteurs, en particulier depuis la réforme de **2009** de l'enseignement fondamental. « Outre sa mission de gestion administrative et de surveillance pédagogique des écoles, l'inspecteur est dès lors devenu **le supérieur hiérarchique des enseignants**, il les encadre, il les conseille et il est à la fois l'interlocuteur du ministère, sa courroie de transmission sur le terrain et un interlocuteur essentiel pour les parents » a énuméré Claude Meisch.

Le cadre légal de la fonction de l'inspecteur n'a pourtant pas beaucoup évolué depuis 1912 et il est devenu quasiment impossible d'assumer toutes ces responsabilités. D'où le choix de mettre en place des équipes qui pourront coopérer et se répartir les tâches pour plus d'efficacité. Trois accents ont été cités :

- une **gestion du personnel plus moderne et personnalisée**,
- plus de disponibilité pour la c**ollaboration avec les parents** et
- la prise en charge des **élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifique**s.

Il s'agit là d'une nouvelle responsabilité. Les équipes multi-professionnelles seront

page suivante

partiellement intégrées au sein des directions de régions et rebaptisées « équipes de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques » pour plus de réactivité. Elles travailleront en étroite collaboration avec les 150 instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques qui seront affectés dans les écoles.

## Un guichet unique dans les régions

Les directions de région ont aussi vocation à devenir un **point de contact**, un guichet unique dans chaque région pour tous les interlocuteurs de l'École fondamentale. Pour aller plus loin dans ce sens, des réflexions sont actuellement menées pour **regrouper sous un même toit** l'équipe de direction et d'autres services dépendant du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, que ce soit dans l'éducation formelle ou non-formelle.

**« Des directions de région fortes apporteront la stabilité nécessaire aux écoles pour développer leur autonomie »** a promis le ministre. Les comités d'école et leurs présidents seront ainsi largement soutenus dans le processus de développement de la qualité scolaire dans leurs établissements.

« Le but de la réforme est de rapprocher l'école des gens » a lancé Claude Meisch.

Le président du collège des inspecteurs, Georges Ney, a évoqué « **une nouvelle forme de gouvernance dans le système scolaire**. Nous sommes désormais dans une logique d'administration pédagogique et nous sommes mieux armés pour nous adresser directement aux écoles et pas seulement aux enseignants isolément» a-t-il résumé.

L'avant-projet de loi afférent a été adopté par le conseil de gouvernement le 17 novembre 2016.

Pour en savoir plus : http://www.men.public.lu/fr/actualites/articles/communiques-conference-presse/2016/11/29-directions-region/index.html

# INVITATION

**SOIRÉE D'INFORMATION ET DE DISCUSSION**

Le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, **Claude Meisch**, a le plaisir de vous inviter à une soirée d'information et de discussion:

**UNE ÉCOLE FONDAMENTALE MODERNE, PLUS PROCHE DE L'ENFANT**

## NOUS PARLERONS

- de l'école ouverte et participative,
- du développement des écoles,
- de la gouvernance par région,
- de l'école pour tous, avec la scolarisation des élèves à besoins spécifiques,
- de l'apprentissage et de la promotion des langues,
- de programmes et de matériels didactiques modernes,
- de l'évaluation et de l'orientation.

http://ef.men.lu



# SOIRÉES D'INFORMATION ET DE DISCUSSION

Le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, **Claude Meisch**, a le plaisir de vous inviter à une soirée d'information et de discussion:

## UNE ÉCOLE FONDAMENTALE MODERNE, PLUS PROCHE DE L'ENFANT

Une traduction simultanée en langues française et portugaise sera assurée.

| | | | |
|---|---|---|---|
| **19.01.2017** | 19:30 | **Lycée Bel-Val** | 100, avenue du Blues<br>L-4368 **BELVAUX** |
| **24.01.2017** | 19:30 | **Centre Culturel Tramsschapp** | 49, rue Ermesinde<br>L-1469 **LUXEMBOURG** |
| **26.01.2017** | 19:30 | **Atert-Lycée** | 1, rue du Lycée<br>L-8508 **REDANGE** |
| **31.01.2017** | 19:30 | **Lycée du Nord** | 19, rue Général Patton<br>L-9551 **WILTZ** |
| **02.02.2017** | 19:30 | **Maacher Lycée** | 18, rue de Muenschecker<br>L-6760 **GREVENMACHER** |
| **07.02.2017** | 19:30 | **Lycée classique de Diekirch** | 32, avenue de la Gare<br>L-9233 **DIEKIRCH** |
| **09.02.2017** | 19:30 | **Lycée Nic-Biever** | 28, rue du Parc<br>L-3542 **DUDELANGE** |
| **13.02.2017** | 19:30 | **Aalt Stadhaus** | 38, avenue Charlotte<br>L-4530 **DIFFERDANGE** |

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

MIR SCHWÄTZEN ZUKUNFT
MÉISPROOCHEG. DIFFERENZÉIERT. KANDGERECHT.

http://ef.men.lu

Retrouvez nous sur Facebook

# Journées du livre et du droit d'auteur

# 23.-29. Abrëll 2017

## Mam Buch an d'Zukunft

### Eng Propositioun vum
### Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

### Ëm wat geet et?

D'Thema kann op 2 Aart a Weise verstane ginn :

- D'Zukunft vum Buch: nei Forme vu Bicher – print an digital
- D'Zukunft am Buch: mat der Hëllef vum Buch an d'Zukunft kucken

All Organisateure vun de Journées du livre et du droit d'auteur hunn zesummen d'Thema vun 2017 als „Books – future visions I Mam Buch an d'Zukunft" definéiert.

## D'Zukunft vum Buch

### Wéi gesäit d'Buch an Zukunft aus?

Elo scho sinn d'Bicher amgaang ze änneren. Grafesch leeft vill : nei Formater a vill nei Illustratiounsformen dauchen op. Och d'Texter an de Sachbicher ginn anescht presentéiert.

D'Bicher ginn deels méi interaktiv: bei Spillbicher, mam Ting oder Tiptoi oder mat Apps ass de Lieser net „just" Lieser, mee hie gestalt mat oder gëtt méi gewuer wéi dat, wat am Buch ze kucken an ze liesen ass.

D'Reklamm fir Bicher ass haut ganz villfälteg an individuell : Booktrailer weise kleng Filmer zu Billerbicher, den Auteur presentéiert sech op senger Homepage a Bicherblogs weisen engem zu all Thema a Genre nei Bicher.

## D'Zukunft am Buch

Bicher weisen eis, wéi eis Zukunft kéint ausgesinn.

Sachbicher erklären nei Entwécklungen an der Technik, dem Klima, der Gesellschaft, ... Wéi liewe mir an Zukunft mateneen? Wéi gi mir eens, wéi gesäit eise Planéit aus a wéi „maschinnegesteiert" si mir?

suite...

Och Geschichte kënnen e Wee an d'Zukunft weisen: Science-Fiction oder Utopien – haut méi dacks Dystopien – erziele vun neie Welten. Dat geet vun engem Roboter oder Ausserierdeschen, dee bei eis kënnt, bis zu komplett anere Gesellschaften, wou d'Zesummeliewe ganz anescht ass, wéi mir et elo kennen.

## Wat ka gemaach ginn?

- Nei, ongewéinlech Bicher kënne gekuckt a gelies ginn: mat aussergewéinlechen Illustratiounen, a spezielle Formater, mat Erweiderung duerch QR-Coden, ...
- Al an nei Bicher kënne verglach ginn (Grafik, Text – z.B. bei Märercher, ...)
- Billerbuch-Apps kënne genotzt ginn, mam Tiptoi oder Tingstëft ka geschafft ginn.
- Spillbicher, bei deenen d'Kanner entscheeden, wéi d'Geschicht weidergeet, kënnen zesummen entdeckt ginn.
- Kanner kënne kucken/liesen, wéi Auteure vu fréier, z.B. de Jules Verne, sech d'Zukunft virgestallt hunn? Wat doraus ass Realitéit ginn?
- Kanner kënne beschreiwen – als Geschicht oder Sachtext – wéi se sech hir Zukunft virstellen: hir Aarbecht, eis Gesellschaft an d'Zesummeliewen, de Klima, d'Technik, ...
- Kanner kënnen erausfannen, wéi eng Erfindungen zukunftsweisend sinn oder waren. Et gouf zu all Zäit Visionären, déi mat hiren Iddien d'Welt weiderbruecht hunn.
- asw.

## Wéi kann ee matmaachen?

Als Klass, Zyklus oder ganz Schoul.

D'Responsabel aus der Schoulbibliothéik sinn d'Kontaktpersoune fir déi Aktioun.

## Umeldung (iwwert de Schoulbibliothecaire): bis de 15. Mäerz 2017

page suivante

# Journées du livre et du droit d'auteur

# 23.-29. Abrëll 2017

## Mam Buch an d'Zukunft

**Mir maache mat !**

Schoul / Schoulgebai: (Numm, Adress)

.......................................................................................................................................................

.......................................................................................................................................................

.......................................................................................................................................................

Gemeng: .......................................................................................................................................

Cycle(s): ......................................................................................................................................

Kontaktpersoun (Numm an Email):

.......................................................................................................................................................

.......................................................................................................................................................

Unzuel u Klasse pro Cycle: Cycle 1: ...... Cycle 2:....... Cycle 3: ........ Cycle 4:..........

(Déi Informatioun kann och nogereecht ginn).

## Wat geschitt mat den Aktivitéiten déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis de 15. Mee 2017 eragescheckt ginn. Flott wier et allgemeng, wa mir d'Dokumentatioun an digitaler Form kënnte kréien.

Wa Kanner op de Fotoen drop sinn, da géinge mir d'Enseignanten bieden, d'Autorisatioun vun den Elteren ze froen.

D'Schoulen, déi matmaachen, ginn um Internetsite vun de „Journées du livre et du droit d'auteur" www.liesen.lu an am Courrier de l'Éducation nationale 04/2017 ernimmt.

De Ministère offréiert Bicherpräisser un d'Schoulen, déi matmaachen.

Mir maachen an engem spéideren Courrier de l'Éducation nationale e Réckbléck op d'Aktioun.

**Schéckt w.e.g. un déi heiten Adress** :

- Är Umeldung (**bis den 15.03.2017**)
- Är Dokumentatioun vum Dag vum Buch oder eng Foto dervun (300 dpi-Printqualitéit) (**bis de 15.05.2017**)

Email : anne-marie.antony@men.lu / eugenie.schaus@men.lu

Merci fir d'Matmaachen.

MENJE - SCRIPT
Promotion de la lecture
Edupôle Walferdange
BP 98
L-7201 Bereldange
Fax : 247-85137

# Réckbléck zu de Journées du livre et du droit d'auteur 2016

## Liesen iwwer Bicher – Bicher iwwer d'Liesen

Mir soe Merci fir déi vill Dokumentatioun déi mir erageschéckt kruten. Mir kënnen se hei net am Detail beschreiwen, mee versichen e bëssen en Iwwerbléck ze ginn iwwer dat wat an de Schoulen zum Dag vum Buch an den Auteursrechter 2016 gelaf ass.

### Liesen iwwer Bicher

Eng Rei Schoulen hu vill Aktivitéiten zu dësem Deel vum Thema gemaach.

Scho mat deene Klengen aus dem C1 hu se gekuckt wéi Bicher entstinn. Duerno ass et nach méi konkret ginn an d 'Schüler hu verschidde Beruffer kennegeléiert déi mam Buch ze doen hunn.

Verschidde Klasse sinn esouguer an eng Librairie, Bibliothéik oder Dréckerei kucke gaang.

Anerer hunn awer och selwer e Buch oder e puer Bicher gemaach. Dat war fir déi Kleng Biller molen zum Buch, ass awer och gaang bis e Buch komplett illustréieren a schreiwen.

D'Kanner hunn och deels Beruffer ronderëm d'Buch kennegeléiert, z.B. wann en Auteur an d'Schoul komm ass fir virzeliesen oder iwwert seng Aarbecht ze schwätzen. Verschidde Klassen hunn déi Etappen och noinszenéiert.

E puer Klasse koumen och op d'Ausstellung an der Belle-Etoile an hunn do bäi den Atelieren iwwert d'Entstoe vum Buch matgemaach, si hu selwer e Buch gemaach oder gebonnen oder hunn nogelauschtert wéi Geschichte mam Kamishibaitheater virgelies goufen.

### Bicher iwwer d'Liesen

Et ass beandrockend, wéivill verschidde Bicher, bei deenen d'Liesen, d'Bicher oder d'Buchstawen eng Roll spillen, an de Schoulen zum Asaz koumen. Dat ass ugaang beim C1 mat flotte Billerbicher, deels bekannten, deels ganz neien. Et ass virgelies ginn, d'Kanner hu selwer gelies oder d'Geschicht noerzielt, geännert oder weidergesponnen. Et gouf eng och eng Rëtsch Atelieren mat z.B. Bastelaktivitéiten zu de Bicher.

Déi dräi Schoulsprooche si beim Liese vill genotzt ginn.

Hei elo e klenge Resumé aus de verschiddene Schoulen déi matgemaach hunn an déi eppes erageschéckt hunn. Mir hu versicht selektiv e puer Aktivitéite bei all Schoul ze beschreiwen – se alleguer wëllen ze nennen an ze illustréieren géing de Kader hei sprengen.

suite...

Liesen iwwer Bicher

## Aerenzdallschoul



Op Däitsch a Franséisch hunn d'Schüler d'Entstoe vun engem Buch nogelies. Si waren an den Abteimusée op Iechternach al Bicher kucken an hunn an enger Dréckerei déi aktuell Fabrikatioun vu Bicher erkläert kritt. Eng grouss Wandzeitung huet des Aktivitéiten dokumentéiert.

D'Auteurin Susy Schmitt huet aus engem vun hire Bicher gelies.

## Beeforter Buergfénckelcher



Zu Beefort si vun de Kanner a verschiddene Cyclë Bicher gemoolt oder geschriwwe ginn. Verschidden Aarte vu Bicher si mat Hëllef vum Buch *Pippilothek* méi genau gekuckt ginn. D'Kanner hunn eng Geschicht zum *Wollef deen eng Weltrees mécht* geschriwwen an eng Auteurin ass liese komm.

## Ecole fondamentale de la commune de Berdorf




D'Kanner hunn eng Dréckerei besicht an e Storyboard derzou gemaach an e.a. d'Beruffer rondërem d'Bicher opgeschriwwen. Si hunn eng franséisch Geschicht iwwersat an zu engem Buch gebonnen.

## Ecole fondamentale de Bettendorf

Hei ass vrun allem gekuckt gi wéi d'Fabrikatioun vun engem Buch leeft, am Mëttelalter an och elo. Och Buchcovere si gestallt ginn.

## Biisser Schoul



D'Kanner hu selwer e Buch gemaach. Och d'Fabrikatioun vun engem Buch war Thema e.a. am Éveil aux Sciences.

## Schoulzenter Reiler

Mam Freddy Fräsch hunn d'Kanner an der Mediathéik d'Zorte Bicher kennegeléiert. Bei engem Buch ass en neie Schluss geschriwwen an de beschte Schluss duerno an engem Concours ausgezeechent ginn.

## Centre scolaire Grand-Duc Henri (Colmar-Berg)



D'Kanner hunn eng eege Fotostory gemaach, bei där si d'Entstehung vun engem Buch noinszenéiert hunn an d'Beruffer ronderëm d'Buch kennegeléiert hunn.

## Ecole Fondamentale Niederkorn (Differdange)

Zum Buch *Ich bin der Schönste im ganzen Land* hunn d'Kanner aus dem Liesclub nei Texter geschriwwen an zu engem Bichelche gebonnen. Aner Kanner aus dem Liesclub hunn eng Geschicht zu Bicherhelde geschriwwen.

suite...



## Ecole Boudersberg (Dudelange)

De John Resch an den Andy Genen koumen erziele wéi Comics entstinn an d'Christiane Kremer vu Kremart huet erkläert, wie e Buch bei hir entsteet. Eng Rei Kanner goungen an d'Diddelenger Bibliothéik fir do bei engem Rallye matzemaachen.




## Ecole Gaffelt (Dudelange)

A klenge Gruppen hunn d'Kanner Geschichte geschriwwen an doraus e Buch gemaach an hunn domat verschidden Etappe vum Entstoe vun engem Buch nogestallt. Déi kleng kruten déi Geschichten duerno virgelies.

## Ecole Ribeschpont (Dudelange)

D'Schüler sinn an d'Diddelenger Bibliothéik gaang an d'Madame Furlano vu Zoom Éditions huet hinnen d'Beruffer ronderëm d'Buch erkläert. Duerno hunn d'Kanner selwer e klengt Buch mat enger eegener Geschicht gemaach.



## Ecole Strutzbierg (Dudelange)

D'Kanner konnte selwer Geschichte molen oder schreiwen, Lieszeechen oder Stempele bastelen. Eng Rei Ateliere goufen ugebueden : Bicher konnte gemaach ginn, d'Kanner hunn e Webbook produzéiert oder d'Brailleschrëft an aner Schrëftzeeche kennegeléiert. Si hu Kalligraphie geüübt, Pabeier gemaach an d'Geschicht vum Buch an de Schreifmëttel ënnersicht. E Grupp Schüler war och an d'Diddelenger Bibliothéik an huet déi am Fong kennegeléiert.



## Schoul Um Fräschepillchen (Ell)

Op Basis vun engem Reim- a Märechersatelier hunn d'Kanner en eegent Leporellobuch gemaach. Anerer hu sech mam Thema befaasst, wéi e Buch entsteet, Bicher zum Thema erausgesicht an e flotte Quiz derzou opgebaut.

## Schoulzentrum Ierpeldeng (Erpeldange)

Atelieren zu de Beruffer ronderëm d'Buch si proposéiert ginn, z.B. op Basis vum Leporellobuch *Pour faire un livre*. Och e Video iwwert d'Entstoe vum Buch ass gekuckt ginn. D'Dany Gales koum hiert neit Buch *Minimaus* virliesen.




## Ecole fondamentale Bruch (Esch-sur-Alzette)

D'Kanner hu mat Hëllef vum Antolin déi verschidden Deeler vum Buch méi genau kennegeléiert. Si waren och d'Redaktioun vum Tageblatt besichen an hu sech mat de verschiddenen Etappen vum Entstoe vun engem Buch befaasst.

suite...

## Ecole fondamentale Dellhéicht (Esch-sur-Alzette)

D'Schüler hunn e Virtrag iwwert de Wee vum Buch zesummegesat a presentéiert an dozou e Quiz erfonnt.



## Ganzdagsschoul Jean Jaurès (Esch-sur-Alzette)

Bei enger Visite an der Librairie kruten d'Kanner de Wee vun der Iddi bis bei d'Buch erkläert.

## Lallenger Schoul (Esch-sur-Alzette)

D'Schüler hunn de Wee vun der Iddi bis bei d'Buch mat deene verschiddene Beruffer kennegeléiert. Duerno hu si hiert eegent Buch geschriwwen an illustréiert an et an deenen anere Klasse presentéiert.



## EDIFF Waarken (Ettelbruck)

D'Ettelbrécker Bibliothéik ass besicht ginn an d'Schüler hunn de Wee vun der Iddi bis bei d'Buch kennegeléiert. Mam Renée Weber ass e Kannerbuch entstan a mam Marc Angel e Comic.




## Ecole Centrale de la commune de Frisange

D'Schüler hunn déi verschidden Etappen vum Entstoe vun engem Buch kennegeléiert a selwer e Buch mam Thema *Die Länder der EU* geschriwwen.

## Ecole fondamentale Garnich

A verschidden Atelieren erschaffen d'Schüler d'Etappe vum Entstoe vun engem Buch an d'Beruffer déi derzou gehéieren a si stellen dat op engem Plakat duer.

## Schoul Kielen  (Kehlen)




D'Christiane Kremer an de Luc Marteling hu vun hiren Erfarungen als Auteur an Editeur erzielt.

Mat Hëllef vun enger Powerpoint an anerem Material kënnen d'Schüler de Wee vun der Iddi bis bei d'Buch novollzéien a ginn eppes iwwert d'Beruffer derzou gewuer. Fir e Concours denken sech d'Schüler zu bestëmmte Buchtitelen e Cover aus.

## Ecole fondamentale de Koerich



Am Cycle 1 gëtt e Mix-Max-Klappbuch hiergestallt. All Klass hëlt eng Geschicht op CD op an illustréiert se. Den C2 beschäftegt sech mam Buch *Der Wolf, der aus dem Buch fiel,* an erfënnt nei Erliefnesser vum Wollef, déi mat Collagen an Zeechnunge festgehal ginn. D'Cyclen 3 a 4 schreiwen dann Texter dozou. E puer Klasse vum C4 huelen an der Belle-Etoile un Atelieren iwwert de Wee vum Buch deel. E Rapport iwwert d'Entstoe vum Buch gëtt verfaasst, an et gëtt Pabeier gemaach.

suite...




## Ecole fondamentale Beggen (Luxembourg)

Mat enger Powerpoint gouf de Wee vun der Iddi bis bei d'Buch virgestallt.

## Ecole fondamentale Belair-Diderich (Luxembourg)

No der Visite vun der Imprimerie Webprint hunn d'Schüler eng Fotostory zum Thema *Vun der Iddi bis bei d'Buch* gemaach.



## Ecole fondamentale Merl (Luxembourg)

Mat engem Film gouf de Schüler d'Entwécklung vum Buch erkläert, an d'Schüler konnten an Atelieren zu den Themen Gutenberg, Kalligraphie an Entwécklung vun der Schrëft schaffen.

## Ecole fondamentale de la commune de Mompach

Am C1 gëtt e Kuscheldéier-Buch realiséiert. D'Schüler aus dem C4 liesen deene Klengen hir selwer erfonnte Geschichte vir. An de Cyclen 3 a 4 gëtt de Wee vum Buch novollzunn, an d'Beruffer ronderëm kennegeléiert.




## Ecole Tëttelbierg, Lamadelaine (Pétange)

D'Geschicht vun der Schrëft an d'Entwécklung vum Buch gouf op enger Zäitleescht duergestallt. Et gouf en Atelier zur Fro: Wéi kënnt den Auteur zu sengen Iddien? An engem weideren Atelier hunn d'Kanner un Hand vu Buchcoveren iwwerluecht, wéi d'Geschicht kënnt weidergoen.

## Ecole Rodange-Fonderie (Pétange)

Fir de Cycle 4 stoung eng Visite bei Editpress um Programm. An de Cyclen 2 an 3 gouf am Tandem gelies.



## Ecole Rodange Neiwiss (Pétange)

A Gruppen hu sech d'Schüler mat Sachbicher iwwert de Wee vum Buch a mat Bicher iwwer Bicher beschäftegt a festgehal, wat hinnen am beschte gefall huet.

## Ecole fondamentale Reisdorf

Am C4 hunn d'Schüler de Wee vum Buch an d'Beruffer ronderëm ënnersicht.



## Ecole fondamentale Rosport

A verschiddenen Atelieren hunn d'Schüler zum Thema „Vun der Iddi bis bei d'Buch" geschafft an dozou Plakater gemaach, gebastelt an esouguer e Film gedréit.

suite...




## Ecole fondamentale Um Weier (Sandweiler)

E Buch ass selwer geschriwwen an illustréiert ginn. Et gouf op enger aler Schreifmaschinn geschriwwen.

De Film: *Wie wird ein Buch gemacht?* gëtt gekuckt an d'Autorin Connie Faber huet iwwert hire Beruff erzielt an hir Technike fir z'illustréiere gewisen.




## Ecole fondamentale Chemin Rouge – Belvaux (Sanem)

D'Kanner aus dem Cycle 1 hunn eng Geschicht erfonnt, illustréiert, an zu engem Buch banne gelooss.

Am Cycle 4 ass d'Buch *Livia, Marco et Chloé – Histoire d'une rencontre* zesumme mat der Autorin erschafft ginn. Den Illustrateur an de Graphiker hunn de Schüler hir Aarbecht erkläert.

## Zentralschoul Remerschen (Schengen)

Nei fantasievoll Kreaturen a Persounen aus dem Land *ManGlaubtEsKaum* sinn erfonnt ginn an d'Texter zu engem Buch gebonne ginn.

## Schoul An der Dällt Mënsbech  (Schuttrange)

D'Schüler hu mat der Affiche *Von der Idee zum Buch*, déi d'Etappe vun der Kreatioun vun engem Buch weist, geléiert, wéi e Buch entsteet. D'Imprimerie OSSA ass och besicht ginn.




## Centre scolaire Parc Hosingen – Syndicat intercommunal SISPOLO

Méi wéi 30 Bicher zum Thema (*Die große Wörterfabrik, Tintenherz, Pippilothek, Buch, Eng Rees ëm d'Welt, Herr Fuchs mag Bücher, Das schlaue Buch vom Büchermachen,* .......) sinn de Schülerinnen a Schüler presentéiert ginn. Zu jidderengem sinn 2 Aufgabe-Blieder mat Léisungsblieder erstallt ginn, sou datt d'Kanner sech selwer kontrolléiere konnten.




## Schoul Tandel

An de Cyclen 3 a 4 huet de Roland Meyer de Wee vum Buch explizéiert, an dSchüler sinn d'Dréckerei EXE besiche gaang. Duerno hu si, mam Roland Meyer senger Hëllef, d'Geschicht *Ein Missverständnis kommt selten allein* geschriwwen, déi du och nach zu engem Buch gebonne gouf.

suite...

## Schoul Veinen (Vianden)

Am Cycle 1 hunn d'Kanner eng Rees mat den Alphas gemaach an d'Buchstawe kennegeléiert. Am Cycle 2 hunn d'Schüler sech mat der Fro "Wéi entsteet e Buch?" beschäftegt a selwer e Buch geschriwwen. Am Cycle 3 gouf e Kachbuch zesummegestallt. Aner Klassen hunn an d'Vergaangenheet vum Buch gekuckt. De Cyle 4 ass op Ettelbréck gefuer an huet do d'Bibliothéik besicht.




## Grondschoul Billek Dräibur (Wormeldange)

Am Internet a mat Sachbicher gouf recherchéiert, wéi e Buch haut entsteet, awer och, wéi dat fréier war. E Buch iwwert d'Soe vun der Musel ass entstan.




### Bicher iwwer d'Liesen

## Aerenzdallschoul

Verschidde Bicher si gelies ginn, e. a. e flotte Choix u Bicher ronderëm de Wollef am Buch. Et gouf och eng Bicherausstellung.




## Biisser Schoul (Bissen)

Hei ass vill mam Buch *De Wollef, deen aus dem Buch gefall ass* geschafft ginn : et ass derzou gemoolt an d'Geschicht ass weidergeponne ginn. D'Vanessa Staudt koum virliesen an erziele wéi bei hir e Buch entsteet. Och d'Dany Gales huet de Wee vun der Iddi bis bei d'Buch erkläert.




## Zentralschoul Buurschent (Bouscheid)

D'Buch Lippels Traum ass deels nogespillt ginn. Déi Kleng krute virgelies an hu Lieszeeche gebastelt.

## Schoulzenter Reiler (Clervaux)

Eng Rei Bicher zum Thema si virgelies ginn, wéi z.B. *Die Geschichte vom Löwen der nicht schreiben konnte*, an d'Kanner hunn derzou an Ateliere geschafft. D'Buch *Mein Nachbar liest ein Buch* ass nogespillt a musikalesch ëmgesat ginn. D'Kanner hunn eng eege Geschicht op Basis vum Buch *Der Wolf, der aus dem Buch fie*l geschriwwen an déi Kleng hunn d'Originalgeschicht nogespillt. Zu 2 Bicher sinn nei Biller gemoolt ginn. Et goufen och Billerbuchkinoen a schliisslech esouguer eng Liesnuecht zum Thema „Bicher iwwer Bicher".



## Ecole Fondamentale Oberkorn (Differdange)

D'Kanner aus all Cycle kruten allerlee Atelieren zu enger Rëtsch vu Kannerbicher iwwer d'Liesen ugebueden.

suite...



## Ecole Strutzbierg (Dudelange)

D'Kanner hunn d'Buch *Le livre qui parlait toutes les langues* gekuckt a gelauschtert a si hunn hir Adaptatioun vun *Die fliegenden Bücher des Mister Morris Lessmore* erschaf.

## Schoulzentrum Ierpeldeng (Erpeldange)

Um Liesowend sinn eng Rëtsch Billerbicher iwwer Bicher virgelies ginn. Am Cycle 2 gouf en Theaterstéck zum Buch An der Wiss opgefouert.




## Ecole fondamentale Dellhéicht (Esch-sur-Alzette)

D'Autorinnen Vanessa Staudt a Chantel Schenten-Keller hunn hir Geschichten erzielt an d'Kanner hunn derzou gemoolt a geschriwwen. D'Geschicht *Un livre, ça sert à quoi* gouf op Däitsch iwwersat.

## Ganzdagsschoul Jean Jaurès (Esch-sur-Alzette)



An der Fënster vun der Librairie zu Esch goufe Wierker vun de Schüler ausgestallt: selwer erfonnte Geschichten, Bicher, déi si zu geliesten Bicher geschriwwen hunn, Biller, Plakater a Konschtwierker, déi nom Liesen vun engem Buch entstane waren.

## EDIFF Waarken (Ettelbruck)

Zu ville verschiddene Bicher (z.B. *Der Buchstabenbaum*) goufen eng ganz Rëtsch vun Atelieren ugebueden.

## Centre scolaire An der Loupescht (Junglinster)



E puer Bicher iwwer Bicher goufe virgelies a gelauschtert, an, dorun inspiréiert, ass e klengt Bichelche gemaach ginn.

## Ecole fondamentale Kayl-Widdem (Kayl)

Inspiréiert um Buch *Otto, der Bücherbär,* hunn d'Kanner Geschichten iwwert Buchhelden geschriwwen, a mat ale Bicher e Bicherhaus gebaut.

## Ecole fondamentale Beggen (Luxembourg)

D'Kanner aus dem C2 kruten d'Bicher *Henri der Bücherdieb* an *Pippilothek* virgelies.



## Ecole fondamentale Merl (Luxembourg)

Zu enger ganzer Rei Bicher iwwer Bicher (z.b. *Tintenherz, Mein Name ist Buch,* ....) hunn d'Schüler Atelieren offréiert kritt.

suite...



## Ecole fondamentale de Mondercange-Pontpierre (Mondercange)

Zu flotte Bicher iwwer Bicher (z.B. *Das ist ein Buch, Herr Fuchs mag Bücher*) goufen Atelieren ugebueden, an deene gedréckt, gestempelt, gemoolt ginn ass a wou en neit selwer gemaachte Buch entstan ass.




## Ecole fondamentale Nommern

D'Schüler hu sech an de Wollef versat, deen aus dem Buch fält, a gemoolt, a wéi eng Bicher si wéilten eraklammen. D'Geschicht vum Fuuss, deen d'Bicher gären huet, hu si resuméiert. An enger aner Grupp hunn d'Schüler hiert Lieblingsbuch virgestallt.

## Ecole fondamentale Reisdorf

Bicher iwwer Bicher si virgelies ginn, nei Coveren goufen entworf, Bichelcher gebastelt.



## Schoul An der Dällt Mënsbech (Schuttrange)

D'Schüler hunn d'Geschicht vum *Wollef, deen aus dem Buch gefall ass* noerzielt a weider Geschichten derzou erfonnt an doraus e Buch gemaach. Och zu Peter und der Wolf gouf e Buch hiergestallt.

D'Schüler hunn och mat de Biller aus dem Buch *De Bopi Néckel fiert an d'Vakanz*, eng nei Geschicht erfonnt. E Lieblingsbicher-Pouster gouf zesummegepecht.



## Grondschoul Billek Dräibur (Wormeldange)

An der Bibliothéik gouf no Bicher gesicht, déi d'Buch an d'Liesen zum Thema hunn. Et gouf eng Geschicht erfonnt, an där et och ëm d'Liese geet.

## Schoul Tandel

Am Cycle 1 an 2 stonge Liesungen um Programm, ënner anerem mat der Autorin Susy Schmit.




## Schoul Useldeng

Zu enger Rei Bicher (*Eng Rees ëm d'Welt, An der Wiss, De Wollef, deen aus dem Buch gefall ass*...) goufe verschidden Aktivitéite gemaach: erzielen, Sproochspiller, Memory, Suites logiques, selwer eng Geschicht erfannen... D'Kanner hu gemoolt, a wéi e Buch si gäre géife falen, an hu Geschichte vun anere Figuren, déi aus dem Buch gefall sinn, erfonnt : den Ouschterhues, de Minion....

suite...

## Villa Mirabella (Wiltz)



D'Geschicht vum Fuuss an der Maus an der Bibliothéik gouf op verschidde Manéiere verschafft: als Beweegungsgeschicht an als Klanggeschicht, si gouf als Dëschtheater an als Risebuch ëmgestallt, a 4 Szenen an enger Pyramid duergestallt, op portugisesch erzielt....

## Schoul Um Kiemel (Wincrange)



Hei goufen et Aktivitéite wéi Liesunge mam Viviane Daman a Christiane Kremer, e Geschichtenatelier mam Flore Schank, e Bakatelier, d'Kanner konnten e Bicherwuerm bastelen a fir d'Eltere gouf et eng Kaffisstuff.



























Coup de cœur

**Hier kommt keiner durch!** / [Text] Isabel Minhós Martins; [Ill.] Bernardo P. Carvalho; aus dem Port. von Franziska Hauffe. - Leipzig : Klett Kinderbuch, 2016. – Titre orig : Daqui ninguém passa. - ISBN 978-3-95470-145-2

**Daqui ninguém passa** / Isabel Minhós Martins; Bernardo P. Carvalho. – Carcavelos : Planeta tangerina, 2014. - (Coleção Cantos Redondos ). - ISBN 978-989-8145-62-8







Ein Soldat steht auf der linken Buchseite, nahe der Mitte des Buches. Er bewacht die Grenze zur rechten Buchseite. Diese ist ganz weiß. Dahin darf nämlich keiner!

Nach und nach tauchen Personen auf der linken Seite auf und bald wimmelt es nur so von Leuten, die auf die rechte Seite wollen. Der Bewacher erklärt jedem, dass niemand auf die rechte Seite darf, weil der General diese für sich beansprucht. Als schließlich ein Fußball, mit dem zwei Jungs spielen, auf die rechte Seite hüpft, erlaubt er dann doch – ausnahmsweise – das Übertreten auf die rechte Seite.

Doch dann taucht der General auf …

Mit einer einfachen Grundidee werden hier die Themen Willkür, blinder Gehorsam und friedliche Revolution thematisiert.

Die Illustrationen im kindlichen Stil zeigen eine gewollt sehr bunte Gesellschaft. Diese feiert auch zum Schluss den Bewacher als Helden und der General hat das Nachsehen.

Das Buch erschien im Original auf Portugiesisch und wurde von der Kritik hochgelobt.

Es eignet sich zum Vorlesen und Diskutieren für Kinder ab Zyklus 2.

*Anne-Marie Antony*

*SCRIPT-INNO, promotion de la lecture*

# Flucht / Asyl / Migration als Themen der Kinder- und Jugendliteratur

## Buchempfehlungen

Als Weiterführung der Empfehlungslisten in den vorherigen CEN hier weitere ausgewählte Kinderbücher.

### Sachbuch




**Einfach nur weg : die Flucht der Kinder** / Ute Schaefer. – München : DTV, 2016. – 256 p. – ISBN 978-3-423-26119-7

Die Autorin, frühere Chefredakteurin der Deutschen Welle, erzählt 12 Flüchtlingsgeschichten von jungen unbegleiteten Flüchtlingen, die nach Deutschland kamen.

Die Ursprungsländer variieren: Syrien, Afghanistan, Iran, aber auch Sierra Leone, Somalia und Tschetschenien.

Auch die Fluchtgründe und -umstände weisen Unterschiede auf : da gibt es den Jungen, der von seinen Eltern auf die Flucht geschickt wird um ausdrücklich nachher seine Eltern nachzuholen, den Jungen, der mit seinen Schwestern flieht, weil der Vater im politischen Widerstand ist, den Kurden oder den Christen, der vor dem IS flüchtet, oder das junge Mädchen, das vor der Zwangsheirat flieht.

Immer aber sind es drastische Gründe die ein Weggehen bedingen, und auch die Fluchtwege sind lang und beschwerlich. Mehrere Jugendliche schildern das Ausgeliefertsein an die Schleuser, aber auch das rücksichtslose Vorgehen in Aufnahmestellen, auch in Europa.

Teils konnten nur die Jugendlichen alleine bis nach Deutschland flüchten und Teile ihrer Familie sind noch im Heimatland oder einem anderen Drittland. Einige Jugendliche versuchen so schnell wie möglich das Land und die Sprache zu begreifen, andere sind noch klar traumatisiert.

Die Autorin hat die Jugendlichen interviewt: über das Leben in der Heimat, die Gründe der Flucht, die Flucht selbst und das Neue in Deutschland. Trotz dieser gemeinsamen Punkte ist jede einzelne Geschichte dennoch anders und wir erfahren Einzelschicksale, die uns berühren. Einige der Interviewten sind erst kurz in Deutschland, andere flüchteten schon vor einigen Jahren dorthin.

Das Buch will einerseits die Realität der jungen Flüchtlinge schildern, wirbt aber auch um Verständnis. Die Autorin appelliert am Schluss des Buches an die Politik und die Gesellschaft, eine gemeinsame dauerhafte Anstrengung zu unternehmen, damit diese jungen Flüchtlinge in Deutschland ein richtiges neues Zuhause finden können.

Das Buch will aus „den Flüchtlingen“ einzelne Personen und Schicksale machen. Es ist eine informative aber harte Lektüre und bietet sicher Diskussionsstoff mit älteren Jugendlichen.

suite...

# Toleranz / Multikulturalität / Miteinander

## Bilderbuch




**Warum?** / Nikolai Popov. – Zürich: Minedition, 2015. – (Classic-minedition). – ISBN 978-3-86566-341-2

Was passiert, wenn man einen Frosch, eine Blume und eine Maus zusammenbringt? Ein friedliches Miteinander, wie man auf den ersten Blick (ins Buch) vermutet?

Leider NEIN!

Wenig Text, aber sehr eindrucksvolle Bilder erzählen die Geschichte eines Konfliktes, der sich wegen einer Blume zwischen Maus und Frosch entwickelt, der immer unkontrollierter eskaliert und in ein grausames Gemetzel mündet. Niemand weiß am Ende der Geschichte, warum es zum Krieg kam.

Trauriges Fazit: Kleine Ursache, sehr große negative Wirkung

Das Buch kann mit Kindern ab Zyklus 2 als Basis für eine angeleitete Diskussion über Konflikte, Lösungen, Streit und sinnlosen Krieg genutzt werden.

**Alles Schweine, oder was?!** / Alice Brière-Haquet & Pénélope Paicheler. – Leipzig : Klett Kinderbuch, 2013. - Titre original: Mouton au pays des cochons . - ISBN 978-3-95470-066-0




Im Land der Schweine führen Papa Schaf und sein Sohn ein eher freudloses Leben. Die Schweine ignorieren sie, behandeln sie unhöflich oder hänseln sie gar. Sie werden von den Schweinen kategorisch ausgegrenzt. Sie als Schafe mögen allerdings auch die Schweine ganz und gar nicht. Es herrscht eine gepflegte Feindschaft.

Doch eines Tages hilft Papa Schaf seinem ungeliebten Nachbarn, dem Schwein Bodo Grunz, als dieser in das Loch einer Straßenbaustelle fällt. Die beiden lernen sich kennen, unterhalten sich, finden Gemeinsamkeiten und werden schließlich Freunde.

Die Aussage ist klar: wenn man sich kennenlernt, kann man Unterschiede überwinden und Gemeinsamkeiten entdecken und so ein friedliches Zusammenleben gestalten.

suite...

## Weitere Informationen

- Aufführung : Partir : Sensibilisation aux sujets de l'exil et de l'identité (11/02/17, 20 Uhr, Abteil Neumünster)

http://www.neimenster.lu/fr/Culture/Offre-diversifiee-Calendrier-shop-visites/Programmation/Scenes/Partir-Saturday-11-February-2017-8-00-00-pm

Dieses pädagogische Projekt wurde von zwei Klassen des Lycée technique in Luxemburg-Stadt, der Compagnie Jucam und ikl-Asti im Laufe eines Trimesters realisiert. Die Aufführung führt die Besucher in ein fiktives Flüchtlingscamp.

- Petit guide pour comprendre le pays qui vous accueille / Christiane Tonnar-Meyer, Siggy Koenig, 2016. – Luxembourg : ASTI, 2016

http://www.asti.lu/wp-content/uploads/2016/12/petit_guide_net.pdf

Le petit guide quadrilingue (français, anglais, arabe et perse) est destiné aux nouveaux-arrivants, pas uniquement aux réfugiés, arrivant dans notre pays. S'il leur livre un premier aperçu d'informations utiles sur la vie au Luxemburg : travail, famille, droits et devoirs, alimentation, environnement,… il permet aux résidents de comprendre un peu mieux les nombreux points nouveaux et sensibles auxquels est confronté un étranger arrivant dans notre petit pays.

- Materialsammlung « Flucht und Integration » - Fachstelle für das öffentliche Bibliothekswesen

http://www.s.fachstelle.bib-bw.de/angebot/ak_flucht%20und%20integration.html

Die Fachstelle stellt eine Sammlung von Literaturlisten für verschiedene Lesealter und mit verschiedensten Bucharten zur Verfügung.

# Journée de l'orientation des élèves récemment arrivés au pays

**2 février 2017**

au Lycée Technique du Centre – Salle Pasteur
15h00 à 17h30




**Public cible**

Enseignement fondamental : titulaires des cours d'accueil et des classes du cycle 4

Enseignement secondaire et secondaire technique : enseignant/e/s et régents des classes d'accueil et régents des classes d'insertion

**Description de la journée d'orientation**

Ce n'est pas un mince défi que de bien orienter l'élève qui arrive au Luxembourg, tant sont nombreux les obstacles à lever en peu de temps : la ou les langue/s d'origine et la plus ou moins grande distance culturelle accentuant les difficultés de compréhension mutuelle n'en sont que quelques exemples.

La journée annuelle réservée au mois de février à l'orientation de l'élève récemment arrivé au pays constitue un maillon central des mesures de soutien et de renforcement que propose le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse aux enseignants confrontés à ces obstacles.

En effet, la diversification de l'offre scolaire est un élément clé dans le processus d'orientation de l'élève récemment arrivé au pays. Cependant, l'offre scolaire s'élargit d'année en année, et ce pour répondre aux besoins et talents des élèves d'horizons différents.

Ensemble avec les différents supports de communication, la journée de l'orientation a pour objectif de faciliter l'information sur les voies de formation existantes.

**Des réponses ciblées**

Après un bref exposé et des présentations d'exemples concrets, une foire de l'orientation avec des stands pour les différentes classes et des ateliers permettent à chaque participant de poser ses questions de façon ciblée.

**Pour plus d'informations …**

Une description détaillée de la journée d'orientation se trouve sur le site internet www.ifen.lu (Code de la formation : B2-c-11). L'inscription se fait par le biais de l'Institut de l'Éducation Nationale.

**Contact**

Service de la scolarisation des enfants étrangers
Email : casna@men.lu

# Gesangsconcours fir Schoulklassen

*"Loosst de Litty raus!"*



De Litty sicht déi schéinsten an originellsten Interpretatioun vun engem Lidd aus sengen Hefter

- **Umeldungsschluss ass de 15. Februar 2017**
- **Informatiounen a Konditiounen op www.bnl.lu**




Bibliothèque nationale de Luxembourg
Cedom – Centre d'études et de documentation musicales

Luxembourg
INSTITUT EUROPÉEN DE CHANT CHORAL

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse




## Beschreiwung

Den 1. Litty Gesangsconcours fir Schoulklassen gëtt organiséiert vum Cedom (Centre d'études et de documentation musicales), dem Museksdepartement vun der Lëtzebuerger Nationalbibliothéik an Zesummenaarbecht mam Institut européen de chant choral (INECC), dem Kulturministère an dem Erzéiungsministère.

De Concours hänkt direkt zesumme mat der didaktescher Heftserie fir Grondschoulen a Lycéeën *De Litty – Les carnets didactiques du Cedom* déi d'Lëtzebuerger Kultur thematiséiert. Bis elo si folgend Hefter erauskomm:

**Litty 1: Lidder fir Land a Leit ‚Ons Heemecht'** – E populäert Lidd aus dem Joer 1864

**Litty 2: Vu Spëtzbouwen a Klasseclownen** – Cabaret a Satir zu Lëtzebuerg

**Litty 3: Musekstheater zu Lëtzebuerg**

De Litty kann an de Schoulbibliothéiken an an den ëffentleche Bibliothéiken ausgeléint ginn. All Enseignant deen eng Klass fir de Litty Gesangsconcours umellt, kann de Litty gratis beim Cedom via den Umeldungsformulaire bestellen.

## Oflaf & Evaluatioun

All Schoulklass interpretéiert kollektiv 1 Lidd aus engem vun deenen 3 Litty Hefter an hält d'Interpretatioun an engem Video fest.

Kuerz, solistesch Einlagen an zousätzlech Instrumentéierungen an Arrangementer vun de Lidder sinn erlaabt.

D'Qualitéit vum Video gëtt net bewäert.

De Jury bewäert d'technesch an d'kënschtleresch Ausféierung (z.B. Intonatioun, Rhythmik, Phraséierung, Artikulatioun, Dynamik, musikalesch Interpretatioun vum Text,…), esou wéi d'Dramaturgie, d'Presentatioun an d'Choreografie.

Eng Autorisatioun vun den Eltere sollt virleien, datt hir Kanner dierfe fir de Concoursbäitrag gefilmt ginn.

Bei Bedarf kann den Enseignant op musekspedagogesch Ënnerstëtzung vum Jean-Paul Majerus, Chargé de Mission bei der INECC, zréckgräifen (majerus@inecc.lu)

## Kategorien

D'Videobäitreeg ginn a folgende Kategorië bewäert:

**Kategorie I:** Enseignement fondamental – Cycle 1 + Cycle 2
**Kategorie II:** Enseignement fondamental – Cycle 3 + Cycle 4
**Kategorie III:** Enseignement secondaire – Cycle inférieur
**Kategorie IV:** Enseignement secondaire – Cycle supérieur

## Präis

All eenzelne Participant kritt e Certificat de participation vum Litty Gesangsconcours.

D'Jury ernennt an all Kategorie eng Gewënnerklass, déi mat Bicher zum Thema Kultur fir all SchülerInn belount gëtt. D'Bicherpräisser ginn no Récksprooch mat dem Enseignant dem Niveau an den Interessien vun de SchülerInnen ugepasst.

All aner Klassen déi participéiert hunn kréien e klengen Trouschtpräis.

## Umeldungskonditiounen

All Schoulklass (Grondschoul oder Lycée) aus dem Lëtzebuerger Land dierf um Litty Gesangsconcours deelhuelen.

**Interesséiert Schoulklasse mussen den Umeldungsformulaire bis de 15. Februar 2017 u folgend Mailadress schécken: cedom@bnl.etat.lu**

Der Schoulklass hire Video vun engem Lidd aus de Litty-Hefter muss bis de **7. Abrëll 2017** eragereecht ginn (per Mail, Wetransfer, Restena Filesender, Stick oder DVD). Den Datum vum Mail respektiv de Poststempel sinn déi di zielen.

**Bibliothèque nationale de Luxembourg**
**De Litty – Cedom**
**31, bd. Konrad Adenauer**
**L-1115 Luxembourg**

## Jury

D'Decisioune vum Jury sinn definitiv a kënnen net ugefecht ginn. De Rechtswee ass ausgeschloss. Mat der Participatioun beim Litty Gesangsconcours, engagéiert sech jiddereen dee matmécht d'Resultater vum Jury ze acceptéieren.

D'Videobäitreeg fir d'Jurymembere bleiwe bis no der definitiver Auswäertung anonym (souwäit dat mat Bildmaterial méiglech ass). D'Videoe ginn net veröffent-lecht a just fir d'Bewäertung genotzt.

De Jury gëtt geleet vum Françoise Molitor, Chef de Service vum Cedom, a setzt sech aus folgende Leit zesummen:

**Martin Folz** – Chouerdirigent a Musekspädagog am Conservatoire du Nord
**Isabelle Herold-Hardt** – Musekprofessesch am Dikrecher Kolléisch
**Camille Kerger** – Artisteschen Direkter INECC, Museker a Komponist
**Henri Kleren** – Enseignant Éveil musical a Museker
**Ronny Mergen** – Schoulmeeschter a President vun der MUSEP
**Sylvie Serra-Jacobs** – Chouerdirigentin a Professesch am Conservatoire du Luxembourg
**Georges Urwald** – Initiator a Redakter *De Litty,* Museker a Komponist, Museksprofesser am Iechternacher Kolléisch



page suivante

# Umeldungsformulaire

## Gesangsconcours fir Schoulklassen
"Loosst de Litty raus!"

Numm vun der Schoul ______________________

Schouladress ______________________

Klassebezeechnung ______________________

responsabelen Enseignant ______________________

Mailadress Enseignant ______________________

Telefonsnr. Enseignant ______________________

Heimat bestätegen ech dat offiziellt Reglement vun dësem Concours gelies a verstan ze hunn a melle meng Schoulklass fir de Litty Gesangsconcours un.

Datum ______________________

responsabelen Enseignant ______________________

Ënnerschrëft Enseignant ______________________



Ech hätt gär folgend Hefter vum Litty gratis zougeschéckt:

- ☐ **Litty 1: Lidder fir Land a Leit ‚Ons Heemecht'**
  E populäert Lidd aus dem Joer 1864
- ☐ **Litty 2: Vu Spëtzbouwen a Klasseclownen**
  Cabaret a Satir zu Lëtzebuerg
- ☐ **Litty 3: Musekstheater zu Lëtzebuerg**

**Bibliothèque nationale de Luxembourg**
De Litty – Cedom
31, bd. Konrad Adenauer
L-1115 Luxembourg
cedom@bnl.etat.lu
Tel.: 26 09 59
www.bnl.lu

# École des Parents Janusz Korczak

## Themeläscht fir Elterenowender mat Eltere vu Kanner aus der Grondschoul

| Titel | Intervenant |
|---|---|
| Gesunde Mahlzeiten – (k)eine Frage der Zeit<br>Des repas équilibrés-une question d'organisation | Borschette A.-L., Hornick H. |
| Fit für die Schule -  auch eine Frage der richtigen Ernährung<br>Quelle alimentation pour l'enfant scolarisé ? | Borschette A.-L., Hornick H |
| Monter a Gesond – Das richtige Essen für unsere Schulkinder<br>L'alimentation des enfants en âge scolaire | Mersch L. |
| Für Feinschmecker und Frühstücksmuffel: ein schmackhaftes Frühstück und ein leckeres Pausenbrot<br>Il en faut pour tous les goûts: un bon petit déjeuner et une collation savoureuse | Mersch L. |
| Kuck wat ech scho kann! D'Entwécklung vun der Autonomie vu 0-6 Joer<br>Laisse-moi faire tout seul! Le développement de l'autonomie de 0 à 6 ans | Peiffer S. |
| Regelen a Grenzen am Alldag mat eise Kanner<br>Os limites na educação<br>Les limites dans l'éducation de nos enfants | Cardoso O. / Rodrigues A. |
| Regelen, Grenzen a Konsequenzen an der Erzéiung<br>Règles, limites et conséquences dans l´éducation des enfants | Fellerich R. |
| Eng kleng op den Hënner huet nach Kengem geschuet! Oder dach?<br>Une «petite tape» n'a jamais fait de tort à personne! Non? | Cardoso O. |
| Aua, dat deet wéi!  Aua, tut das weh!<br>Oh, ça fait mal! Que faire? (2 ou 3 unités) | Elgas K. |
| Mäi Kand ass krank - Gespréich mam Kannerdokter<br>L'enfant et ses maladies | Theisen P. Dr. |
| Jouer c'est grandir–l'importance du jeu pour le développement et le bien-être de l'enfant<br>Spillen ass Wuessen | Dabrowska J. |
| Ech langweile mech ! Da komm! Mär spillen zesummen…<br>Je m'ennuie ! Alors viens ! On va jouer ensemble. Mode d'emploi pratique | Dostert M. |
| Verziel mer eng Geschicht<br>Raconte-moi une histoire | Mertes D. |
| Nachts kommen die Monster...über den Umgang mit Kinderängsten<br>Les monstres viennent la nuit | Fellerich R. |
| Wohnt mein Hamster jetzt im Himmel? Abschied und Trauer bei Kindern<br>Mon hamster vit-il maintenant au ciel? Accompagner les enfants en deuil | Fellerich R. |
| Wau-wau, miau a piep- Kanner an Hausdéieren<br>Les enfants et les animaux domestiques | Muller M. |
| Sträit: Wéi reagéiere mir als Elteren?<br>Disputes: Comment réagir en tant que parent? | Gorza N. |
| Mobbing am Schoulalldag<br>Harcèlement (mobbing) à l'école | Kayser M. |
| Gewalt an der Schoul – Kanner ënner Kanner<br>Violence à l'école | Khabirpour F. |

page suivante

| | |
|---|---|
| D'Kand an den Ecran<br>L'enfant et les écrans | Dostert M. / Zeimet J-Cl. / Rodrigues A. |
| Kanner a Jugendlecher am Internet: Eng nei Erausfuerderung fir Elteren<br>Les enfants et les ados dans le monde virtuel: un nouveau défi pour les parents | Knell G. |
| Gewalt an de Medien<br>Violence dans les médias | Leurs F. |
| Bewegung schätzen – ein Leben lang<br>Le mouvement en éveil - tout au long de la vie | Moris C./Schneider-Peter D. |
| Beweegung, de Wee zum Léieren<br>Plus d'activité pour un apprentissage plus relax | Muller M. |
| Léiere méi liicht gemaach! –<br>Apprendre un jeu d'enfants | Waldbillig-Schank M. |
| Léiere méi liicht gemaach – den Elterecours<br>Apprendre un jeu d'enfants - le cours pour parents (2 à 3 unités) | Waldbillig-Schank M. |
| Wie lerne ich zuhause mit meinem Kind?<br>Comment apprendre à la maison avec mon enfant? | Morbé G., Rotolo K. |
| „Das Fert had fier Beiner…" Ist man dumm, wenn man in Rechtschreibung schlecht ist? Wie Eltern ihren Kindern im Falle einer Dyslexie helfen können.<br>Dyslexie et dysorthographie - Que peuvent faire les parents pour bien encadrer leurs enfants? | Waldbillig-Schank M. |
| Verträumt, zappelig und unkonzentriert...Was können Eltern im Falle einer Aufmerksamkeitsstörung tun?<br>Rêveur, agité, impulsif… Que faire si mon enfant est atteint d'un déficit de l'attention? | Waldbillig-Schank M. |
| Man kann nicht nicht sexual erziehen - Über Sexualität reden mit Kindern und Jugendlichen<br>Les choux et les cigognes - quand et comment parler de sexualité avec mes enfants et ados | Vinandy N. |
| Firwat si Provokatioune gutt ? A wéi iwwersti mir dës ustrengend Zäit?<br>Provocations d'ados - comment s'en sortir | Dostert M. |
| Mäi Kand kënnt an de Lycée - a wat elo?<br>L'entrée au lycée- nouveau départ. Comment s'y préparer? | Dostert M. |

Dës Themeléscht gëtt Iech en Iwwerbléck iwwer déi Sujeten, déi mir fir Aktivitéite mat a fir Eltere vu Kanner aus de Cyclen 1- 4 ubidden.

E puer vun dësen Themen kënnen och ee méi grousse Public vun Elteren uspriechen, onofhängeg vum Alter vun de Kanner.

Fir déi detailléiert Beschreiwung vum Inhalt a vum Oflaf vun der jeeweileger Aktivitéit, kuckt w.e.g. op eisem Site ënner: http://www.kannerschlass.lu/eltereschoul/2-1.html.

E puer vun de proposéierte Sujeten si keng Eenzelaktivitéit, mä Coursë mat e puer Unitéiten. Déi meescht Theme proposéiere mir op Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch. Op Ufro si verschidde Manifestatiounen och a portugisescher resp. englescher Sprooch disponibel.

Interesséiert eng Aktivitéit mat eis ze organiséieren? Da kontaktéiert eis per Mail:

eltereschoul@kannerschlass.lu.

D'Lëscht vun all eisen Themen a weider Infoen zur Eltereschoul fannt Dir ënner www.kannerschlass.lu/eltereschoul